R.D.    103,6 – 100.3    ~~Sofa~~ Emsland + Sonnenburg

Strom

Am de vergangene Sendungen hu mir iwwert d'Zwangsrekrutéierung an de R.A.D an an ~~d~~ dei deitsch Wehrmacht geziilt. Et ass erkläert gin wei d'Liewen do war, wei et an d'Front gong, wei d'Iwwerläfer, de Gefangenschaft a Russland, d'laang Warden no dem Enn vum Krich op de Rapatriement, an sech dohém ërem an en normalt Liewen eraliewen.

Och iwwert den R A D a Kriegshëlfsdienst vun de Médercher ass erzielt gin an verschiddene ~~zwan~~ fréier zwangsrekrutéiert Medercher hun hei selwer iwwert hiert Schicksal bericht.

Awer och Jongen sin hei zou Wuert kom an hun erzielt wei sie ugezu gouwen de laange a geféierlech Wé an dem Militärdingscht, der Front, ~~en~~ der Gefangenschaft an d'Heemkommen.

Eng Kategorie vun Zwangsrekrutéiert kann awer net mei hei ~~zo~~ berichten: Et sin déi Gefalen, d'„Ëmbruechten", Erschossen oder un den ~~erliddenen~~ Folgen vun den erliddenen Strapazen ze fréi" gestuerwen.

Mir wessen och dass eng Rei vun Médercher a Jongen déi ewech d'Gauleiterverordnunge gefall sin, sech net ugeé gelos hun oder bei enger Gelegenheet sech duerch d'Bescht gemat an ennergedaucht sin. Liew et a Stappen hei am Land, niew et an den nopesch Länner oder sech freiwellech an d'Allieiert Arméen oder Maquis gemellt hun. Mir hun hei och op déi grouss Geféieren ~~f~~ higewiesen un déi sech déi Betreffende gin lued a wi d'Preisen seng Famill, Papp, Mamm a Geschwester fir hien responsabel gemaach hun a sech un hinne geriecht.

Zirka 3500 konnte sech der Zwangsrekrutéierung entzéen. Déi mécht sin no dem Enn vum Krich oder der Befreiung vu Lëtzebuerg nés hém kom. Awer leider en Deel och net. Sie gouffen erwescht oder verroden. Kummen a Prisongen a si viru Gerichter geschléeft a condamnéiert gin.

Haut welle mer emol d'Fäll ennersichen vun déne Jongen déi net zum Dod kondamnéiert gi waren an d'Strof exécutéiert oder Dodesstrof an eng Zuchthausstrof emgewandelt gouf.
Heiersenner waren och Dédeleliger op dënen hir Fäll mer nach am Lauf vun nofolgende Sendungen zeréck kommen.
Wann eso e Jong vum preisesche Kriegsgericht condamnéiert war ass lien fir seng Strof Ofzesetzen an en Zuchthaus oder Militärgefangenenlager kom. Ént vun déne bekanntsten war Torgau, a mir wärten an enger Sendung am Détail iwwert dese Prisong an do inhaftéiert erzielen.
Haut welle mir de Calvaire vun déne Jongen ennert d'Lup huelen déi no hirer Verurteelung an d'Emslandlagere kom sin.
Et ass dank de Recherchen an de Schreften vum André Hohengarten dan dës Détailer zou Verfügung stinn.
An der Zäit vun 1933 bis 1938 war laanscht d'höllandesch Grenz, zwëschen Papenburg am Norden an der Grofschaft Bentheim am Süden, ee System vu 15 Lager mat villen Aussekommandos entstanen. Esou gouf am Fall vum Emsland eng ganz Regioun zum Begrëff vun nationalsozialisteschen Lager. A well lei haaptsächlich Torf gestach gouf ass den Numm "Moorlager" entstanen.
Des Lageren haten 3 verschidde Funktionnen.

1. K.Z.ler. Et waren dest d'Lageren Börgermoor an Neusustrum vun 1933 bis 1934 an Esterwegen vun 1933 bis 1936. Am Krich vun 1943 bis Schluss 1945 were verschidde Lageren én Aussekommando vum berüchtegen KZ Neuengamme
2. Kriichsgefaangelager; Also mam Ufank vum Krich 1939 bis 1945. Hei waren vun 1941 un besonnesch Prisonnéieren aus der Sowjetunioun. Des Lageren ënnerstoungen dem Oberkommando vun der Wehrmacht.
3. Strofvollzugslager. Sie waren als Zuchthaus klasséiert an ennerstoungen der Opsicht vun der Justizverwaltung. Et ware 6 Lageren. Hierwéit unsere Prisonnéier kommen vun 1939 un, also mam Kriichsausbroch emmer méi verurteelt "Wehrmachtsangehörige"

a vun 1940 un ëmmer méi Auslänner an dës Lager.
Hei war och de Spezialgrupp "NN-Häftlinge" dat heescht Nacht und Nebel Gefangener.
Vun dese Prisonnéier sollten hir Familjen näischt méi wëssen. Dest also fir d'Ongewësshe-
an den Terror an Deitschland an och an de besetzene Länner ze vergrësseren an fir iwwei
dese Grupp vu Leit war de Strof gebrach; sie waren eso gud wéi dout.

---

Musek: Trauer

---

An den Emslandlager oder wéi se ugangs erklärt, och Moorlager genannt, woren wéinegstens
70.000 Prisonnéier agespaart. An de KZ a Strofgefangenelager konnt den Doud
vun 2.378 Persounen beluecht ginn.
No enger Meldung vum 1. November 1944 souzen deemols 99 Lëtzebuerger an den
Lageren. Et woren dat alles Militärstrofgefaangen, déi bal all weinst "Desertioun"
veruerteelt woren, an deenen hir Prisongszäit iwwerséit vum Krich ufänke sollt.
23 Lëtzebuerger Jongen souzen am Börgermoor.
53 Lëtzebuerger am Aschendorfermoor. Vum 12. bis den 18. Abrël 1945 goufen hei
an engem Massaker ongeféier 350 Prisonnéier ëmbruecht. Deemols waren awer scho
keng Lëtzebuerger méi do, well sie am November 1944 op Sonnenburg transferéiert
gi waren
1 Lëtzebuerger war am Lager Brual-Rhede
15 Lëtzebuerger Jongen souzen am Lager Walchum
9 Lëtzebuerger am Lager Neusustrum.
121 20 Lëtzebuerger am Lager Esterwegen

Systematesch gouf an alle Lageren eng Atmosphär vun Angscht geschaafen, fir esou
de Widerstand vun de Prisonnéier ze briechen. Dozou koumen schwéier Aarbecht besonnesch
an de Mooren. Hei gouf 12 Stonne pro Daag geschafft. Et Weineg z'Iessen, haart
Strofen an Misshandlungen. Nummeréiert lichte Prisongskleedung an an Hëlze Zabo'en
huet missen Summer wéi Wanter ausgehaale ginn. Et war also kloer, dass den Openthalt

an dese Lageren eng geplangten "erschwerte Haft" bedeit hued, fir dese preiseschen Ausdruck ze gebrauchen.

---

Musek : Trauer

---

Wéi d'Kriichsfronten Enn 1944 d'Gross-deutsche-Reich ëmmer méi zesumme gepresst hun, hun d'Preisen ugefaangen dës Lageren ze raumen ~~oder~~ an zesummen ze léen. An engem preisesche Convoi sin 91 Lëtzebuerger Jongen am November 1944 mat an d'Zuchthaus Sonnenburg verbruecht gin. — Sonnenburg zou Preisenzeit an der Neumark leit haut a Polen an heescht "Slonsk"

Słońsk läit 95 km östlech vun Berlin. D'Zuchthaus huët vum Fréijoër 1934 bis zum 31. Januar 1945 bestanen. Et wor an den aalen Zuchthausgebäiër aus dem 19.Joërhonnert ënnerbruecht, an denen vum Abrël 1933 bis zum 23. Abrël 1934 eent vun den éischten KZer fonctionnéiert huet.

Vun Enn 1939 wor ët Zuchthaus fir Männer aus dë Gerichtsbezirker Cottbus, Guben, Frankfurt/Oder a Landsberg/Warthe. Spéider, vun 1943 un, koumen och Prisonnéier aus dë Bezirker Königsberg a Posen dohin. Et woren och Polen do, déi vun der Zwangsaarbëcht an Däitschland fortgelaaf woren. Weider koumen och Belgier, Dänen, Franzousen, Hollänner a Norweger, déi am Kader vun der sougenannter "Nacht- und Nebel"-Aktioun verhaft gi woren. ~~Am November 1944 sin lëtzebuerger Jongen aus den Emslandlager no Sonnenburg bruecht gin.~~ Wat dat heescht hu mir am Laaf vun dëser Sendung erklärt.

D'Zuchthaus wor nueren fir 656 Männer bestëmmt. Trotzdem woren alt bis zou 1500 Prisonnéier do. D'Stierwlechkeet ënnert de Prisonnéier wor héich. Sou sin an der Zäit vum 28. Dezember 1939 bis zum 19. Januar 1945 254 Prisonnéier ëmkom. Déi verschärfte Reglementer weisen drob hin, dat Zuchthaus eng besonnësch Bedeitong hat.

An der Nuecht vom 30. op den 31. Januar 1945 huet een SS-Kommando vu Frankfurt/Oder am Zuchthaus 819 Prisonnéier erschoss. Ennert hinnen worden ~~ungeféier~~ och déi 91 lëtzebuerger Jongen am Alter vu 20 bis 24 Joër. Et ass dat dat gréisst Massaker vu Lëtzebuerger am 2. Weltkriich.

Och 2 Jongen déi zou Diddeleng gebuer sin waren ënnert dësen 91 ~~tot~~ Ermuerdeten
Et war de Jaminet Marcel gebuer 1922 an
de Paul Clement (Paul mat Familjen numm) gebuer 1923
Si hun hiirt Liewe ginn fir dass mir nës a Friddem a Fräiheet zou Lëtzebuerg liewe kënnen.